Interventioun déi gréng zur Schoulorganisatioun 2019/20

Christa Brömmel

Gemengerot 17/06/2019

Fir d'éischt e grousse Merci un d'Schoulschëffin Colette Mart fir de kloeren an iwwersiichtleche Rapport a Merci och deene verschiddene Servicer, déi ronn ëm den Thema Schoul a Kand schaffen, fir hier Duerstellungen am gedréckten Rapport.

Di Institutioun, di all Kand besicht, ass d'Schoul. Nach knapp 50% vun de Kanner aus der Stad ginn an eng öffentlech, eng kleng Majoritéit demno an eng privat Schoul.

E grousse Deel vun de Kanner besicht – schonns virum Schoulalter resp. zousätzlech zur Schoul och sougenannten Structures d'éducation et d'accueil, also Crèchen, Foyers scolaires a Jugendhäiser, di och en Bildungsoptrach hunn, allerdengs ee non-formalen.

Di 2 – formal an non-formal Bildungsariichtungen - hunn dofir ze suergen, dass all Kand an senger Individualitéit seng sozial, emotional, kognitiv, motoresch an artistesch Fähegkeeten entwéckelt.

Jiddereen hei wëllt, dat all Kand gerecht Bildungschancen huet, dat kee Kand zréckbleiwt. Dat ass och den Usproch, deen Elteren un eis als Politiker.innen stellen, an dowéinst ass Schoulorganisatioun wichteg. Et muss garantéiert sinn, dat di vill Offeren, di an der Stad existéieren, fir all Kand zougängeg sinn.

Wat ass d'Roll an den Handlungsspillraum vun der Gemeng ?

Duerch d'Schoulgesetz vun 2009 gett di Gouvernance vun der Gemeng bei d'Regionaldirektioun, di dem Ministär ënnersteet. Si ass zënterhier zoustänneg fir di pädagogesch an administrativ Gestioun vun de Grondschoulen, hält strategesch Décisiounen a suergt fir hier Ëmsetzung, géréiert Personalasatz an ass hierarchesch dem Léierpersonal iwwergeuerdnet.

Gemeng huet manner Kompetenzen, muss sech mat der Regionaldirektioun ofstëmmen. Elo si mir an der 3. Rentrée, wou di nei Situatioun spillt. An awer ass nach ni richteg kloer gestallt oder hei diskutéiert ginn, wat dann elo genee nach d'Aufgawen vun der Gemeng bleiwen. Wou hu mir Gestaltungspillräim an nach méi wichteg : wéi notze mir se um beschten, am Intressi vun de Stater Schoulkanner, hieren Elteren an hierem Léierpersonal.

An et bestinn och Intersektioune teschent dem Service de l'enseignement an der Direction régionale. Zum Beipill : D'Schoulkommissioun. Do treffen dei 2 sech an et soll een am Virfeld klaeren, wee fier waat zoustennech ass.

An och bei der Formation continue : kann Stad nach weider ee Programme de formation continue ubidden ?

Ech Iech aus dem Bericht vun der Mme Loutsch zitéieren, op deen ech hernoch nach méi wäert agoen. Hei gëtt den Handlungsspillraum vun der Gemeng pertinent thematiséiert :

« Durch die neuen Governance-Strukturen werden auch die kommunalen Einflussmöglichkeiten auf den formalen Bildungskontext, zum Beispiel durch den Einsatz zusätzlicher Personalressourcen, eingeschränkt. Pädagogische Handlungsspielräume, auch in Hinsicht einer kommunalen Förderung von Chancengerechtigkeit, liegen nun verstärkt

in den Kontexten der non-formalen und informellen Bildung, sowie in der Unterstützung der Vernetzung der verschiedenen Bildungsangebote. »

Mir mengen, et wir eng wichteg Aufgaw fir den Service de l'enseignement, sech zesummen mat der Schoulkommissioun mat dëser Problematik ze befaassen. De personelle Wiessel un der Spëtzt vun dësem Service muss dësen Aufgawen Rechnung droen, d.h. di nei Persoun muss spezifesch Kompetenzen an Erfahrungen matbréngen an si muss bereed sinn, sech der Aufgaw ze stellen an di Défiën z léisen. Sozial Kompetenz ass dofir och noutwendeg.

<u>Wéi steet et ëm Personal a Posten ?</u>

No der Permutatioun gesäit et am Abléck esou aus : 23,5 Posten am C1 an 63 am C2-4 si vakant. Méi wéi ee Véierels, 25%, vu NET besatene Posten hu mir an dëse Schoulen : Cessange, Dommeldange, Hollerech, Kierchberg, mat Merl als Spëtzereider mat 7 onbesate Klassen vun 19, also 37% !

Alleng am C2-C4 wiesselen esou 10% vun den Enseignant.en – an dat bedäit Instabilitéit am Enseignantenteam.

Dat ass net onbedéngt berouegent, fir d'Elteren a fir di aner Enseignanten.

E Freiden hu mir di vakant Posten fir d'Lescht 1 gestëmmt. Och wann di Leit zousoen, da bleiwen awer nach eng ganz Rëtsch Posten onbesaat. An och Educateuren fir de Précoce musse nach fonnt ginn.

D'Qualitéit vum Enseignement hänkt och mat der Qualifikatioun vun den Enseignant.en zesummen. Och 2019/20 wäerten vill Posten vu net brevetéiertem besat ginn, Stagiäeren oder Quereinsteiger.

Wéi jugéiert Gemeng dës Situatioun ? Wat äntfert Dir den Elteren ? Huet Dir analyséiert, a welch Gebäier Teams méi resp. manner stabil bleiwen ? Gëtt et do Erkläerungen ? Wéi évoluéiert dat an der Zäit ? A wéi gi mir an d'Equipen mat de Konsequenzen dovunner ëm ?

Well de Stonnecontingent vum MENJE bestëmmt gëtt, ass di kommunal Erausfuerderung, di Stonnen, wou zur Verfügung stinn, esou op d'Schoulen ze verdeelen, dat all Kand gläichgutt Chancen a Méiglechkeeten kritt. Et ass gewosst, dat eis Bevölkerung ganz heterogen ass, an d'Viraussetzungen fir en sozialt Weiderkommen net an all Quartier di nämlecht sinn.

Ee wichtegen Aspekt ass demon den Appuis-Contingent a wéi deen agesaat gëtt.

Vun eise 19 Schoulen sinn der 7, di **<u>keng</u>** extra Appuisstonne kréien resp. wëllen, dat ass Belair-Diderich, Belair-Kayser, Bonnevoie-Gelle, Bonnevoie-Schlechter, Dommeldange, Gare an Hamm. An deenen anere Schoulen ass et duerch Appui méiglech, eenzel méi schwaach Schüler.innen oder kleng Gruppen spezifesch z'ënnerstetzen an doduerch hieren Erfolleg ze verbesseren.

D'Fro, di sech stellt, ass : gëtt et objektiv an transparent Kritären, no deenen den Appui an dem engen Gebäi gehalen an an engem aneren di Stonnen an d'Gesamtstonnenzuel afléisst ? Dat kéinnt z.B. op d'Erreechen vum Kompetenzniveau oder – wat den Cycle 4 ugeet – op d'

Ofschneiden bei den épreuves standardisées gekuckt ginn. Di Donnéen gëtt et jo, mä si stinn der Schoulkommissioun net zur Verfügung.

Appui fir Kanner am Cycle 1 gëtt gehalen um Cents, zu Clausen, zu Hollerech, Limpertsberg-Batty Weber an Rollingergronn. Am Cycle 2-4 sinn et Beggen, Bonnevoie-Verger, Cents-Leon Kaufmann, Cessange, Clausen, Eech-Millebaach, Gasperech, Limpertsberg a Merl.

Mme Mart huet sech mam Service Communication Gedanke gemeet, di öffentlech Schoul méi visibel ze maachen. Dat ass begréissenswäert – a war iwwerfälleg. Den Internetsite an 3 Sproochen ass elo endlech online.

Awer och am Bichelchen « Just arrived » muss onbedéngt eng aner Präsentatioun gemeet ginn. Do gëtt de Verwäis op eisen Internetsite net duer, well en niewent deenen annoncengläichen Informatioune vun de Privatschoulen total ënnergeet.

De nexte Chef vum Service muss eiser Meenung no och als Missioun kréien fir di öfffentlich Schoul positiv an aktiv no bausse ze vertrieden an ze verkaafen.

Mä et muss och eppes gemeet ginn, fir Stater Schoulen fir Léierpersounen attraktiver ze maachen.

Do kommen ech zu engem weidere Punkt : **<u>Innovatioun an Entwécklung</u>**

Mir kënnen als Stad dofir suergen, dat Innovatioun vum Léierpersonal an eise Schoulen Ënnerstëtzung kritt. De Beispill vun der Bëschspillschoul ass do ganz pertinent. Dat ass iwwregnes e Projet, deen di Gréng mat op d'Schinn gesaat hunn. Et ass positiv, dat de Wonsch no méi der Bëschspillschoulen erkannt ass an deem Rechnung gedroe sollt ginn. Och, dat di bestoend Bëschklassen weidergefouert ginn an op aner Quartiers auszebauen. Enseignant.en ze forméieren fir Bësch- a Naturpädagogik ass dowéinst e wichtege Schrack.

Mir hu mam Haus vun der Natur e ganz kompetente Partner, fir eise Schoulklassen Naturerfahrung ze proposéieren an de Bilan mat 235 Klassen an 322 Aktivitéiten ass beandrockend. Awer net all Schoulkand aus der Gemeng geet am Joer dohinner.

Als Klamer : d'Escher Brillschoul notzt d'Bëschspillschoul therapeutesch, fir verhalenskreativ Kanner fir eng bestëmmten Zäit aus dem normalen Schoulbetrieb erauszehuelen, duerch di Zäit am Bësch entwéckelen si sozial Kompetenzen, di hinnen erlaben, besser mat der Schoul eens ze ginn.

Wier esou eppes am Kader z.B. an Zesummenaarbecht mat de Classes de transition ze denken ?

D'Beispill vun der Ganzdagsschoul, di als Projet am Quartier Gare ugeduecht war a wou d'Enseignant.en offensichtlech net di néideg politesch Ënnerstetzung kruten, ass do manner positiv.

Ass vun dësem Projet iwwerhapt nach eppes do ? Hei schengt et eis, wier Innovatioun ausgebremst ginn.

Mir hunn um Terrain vun der Stad eng Ganzdagsschoul, di och Virbildcharakter huet : Eis Schoul an der rue des Maraîchers. Hei schaffen Léierpersounen an en edukativt Team

zesummen, den Undrang ass grouss fir Kanner an des Schoul ze kréien. Besonnesch um Punkt vun der Inklusioun kann sech de Bilan weisen : méi wéi 13% vun de Schüler.innen gëlt als EBS. Awer och den Horaire ass ugepasst, esou dat d'Kanner bis 15h30 fest an der Schoul sinn.

Mir gréng mengen nach ëmmer, eng Ganzdagsschoul mecht et méiglech, di Bedürfnesser vum Kand, besser Schaffen vum Léierpersounal, d'Vereinbarkeet vum Berufs- a Familjeliewen an och di sozial Kohäisioun beschtméiglech zesummenzebréngen.

Besonnesch fir Kanner am Précoce an C1 – an den Zouwues an dëser Tranche d'âge ass mat bal 200 Kanner gewalteg - sollte mir d'Schoulzäiten un hieren Entwécklungsstand upassen. D'Beschspillschoul geet op dëse Wee. *Firwat net och di aner Schoulen ? Mir proposéieren e Pilotprojet an 2-3 Schoulgebäier an dësem Sënn.*

Innovatiounsspillraum gëtt et och bei enger verbesserter **Zesummenaarbecht tëschent Schoul a Foyer scolaire**, also formaler an non-formaler Bildung.

Mir félicitéieren Madam Mart fir di Initiativ, mat enger Bestandsopnahm vun der effektiver an potentieller Zesummnaarbecht tëschent deenen 2 Beräicher eng fundéiert Basis fir zukünftegt Schaffen geluecht ze hunn.

Eng Auswäertung vun de PEPen ass zënter Joeren eng Fuerderung vun der grénger Fraktioun – an um Resultat gesäit een, dat do vill Potential dra stecht.

De Bericht vun der Mme Loutsch ass pertinent, an do fënnt een wichteg Erklärungen firwat et trotz existéierender Beispiller, nach vill Hicken gëtt – obschonns et bei deene 2 Akteuren ëm dat selwecht Kann geet :

- de Sënn dofir feelt deels
- Kommunikatioun ass schwiereg
- administrativ Hürden an ënnerschiddlech Organisatiounsformen
- Ënnerstëtzung feelt.

Ville vun deene Befrote sinn op fir di Kooperatioun a géinge gäeren méi enk zesumme schaffen, an d'Gemeng muss dat méiglech maachen.

- Leit ganz fréi matbäihuelen a matschwätze loossen bei den Infrastrukturplanungen. Hei ass mat deene Projetën, di an der nächster Zeit gemeet ginn, direkt eng grouss Méiglechkeet ginn fir besser Kooperatioun.
- Administrativ Prozeduren vereinfachen, z.B. bei Assurancen, Autorisatiounen...
- Eng Kommunikatiounspraxis entwéckelen, Plattformen fir den Austausch tëschent deene zwee Gruppen organiséieren
- D'Ausrüstung mat Neien Technologien och am non-formalen Bereich
- Kläerung vun der Hausaufgawenproblematik

Mme Loutsch mecht di wäertvoll Propos, e « Bildungsleitbild » fir d'Stater Schoulkommunitéit

z' entwéckelen, fir di 2 Beräicher méi enk zesummenzeféieren. Mir mussen de Schoulen den Optrach ginn : All PDS, PEP an CAG muss der Kooperatioun Prioritéit ginn, si thematiséieren an schoulspezifesch opbauen a weiderentwéckelen. Di nächst Echéance ass den Zäitraum 21-24.

De Schoulservice sollt duerch maassgeschneidert Formatioun an Coaching dës Entwécklung begleeden. A nach eng Kéier : dofir brauche mir qualifizeiert Personal (mat pädagogischer Kompetenz virun allem) fir dëse Service ze leeden.

Wéi geet et elo weider ? Wéini gëtt iwwert di fäerdeg Bestandsopnahm eng verdéiwend Diskussioun an der Schoulkommissioun gefouert ? Mir mengen, di sollt matschwätzen, wann et ëm e « Bildungsleitbild » fir d' Stater Schoulkommunitéit geet.

Ass geplangt, weiderhin an dësem Dossier op di Kompetenz vun der Mme Loutsch ze setzen ? Mir mengen, si sollt mathëllefen, e « Bildungsleitbild » z' entwéckelen an an de Quartierën ëmzesetzen.

Op all Fall ass dat heiten e Beräich, wou d' Autonomie vun der Gemeng voll spillt. Do däerfen an do solle mir gestalten. A wann dat gutt gemeet gëtt, wäert dat en positiven Impakt hunn, op d' Bild vun der öffentlecher Schoul no baussen, op d' Attraktivitéit vun der Stater Schoul fir scholescht an edukativt Personal, op d' sozial Kohäsioun an de Quartiers an – nach vill méi wichteg ! – op d' Qualitéit vun der Aarbecht mat a fir eis Kanner.

Ech wëllt och nach op 2 aner Punkten agoen :

<u>PEPen</u>

Di schléissen sech un de lescht Punkt jo un. All Gebäi huet säi PEP gemeet, an do fënnt een och eng ganz Reih flott Iddiën dran. Wat een allerdéngs och feststellt, ass e groussen Ennerscheed tëschent de Schoulgebäier. *Huet de PEP an all Gebäi di selwecht Wichtegkeet ?*

Gemeinsam Fester sti weiderhin op ville Plazen am Virdergronn. Doropper däerf sech de PEP net begrenzen resp. sollt se als Sprongbried huelen, fir weidergoend Projetën ze maachen. An et liest een och nach dacks den « mir » an « si » eraus, am Plaz vum « mir zesummen ».

Eng Reih positiv Projetën sollen awer och genannt ginn, z.B. gemeinsam de Schoulhaff ze gestalten oder e Gaart ze hunn (Gare, Gasperech, Beggen), Hausaufgawenbetreiung (Dommeldange, Belair-Aloyse Kayser, Cents), Kompetenzen vun der Elternschoul notzen (Hamm, Gasperech, Kirchberg), pädagogesch Projeten gemeinsam ugoen, z.B. Ernährung oder Mobilitéit, an gemeinsam Formatiounen ze maachen.

De PEP vun Belair/Gaston Diderich präparéiert di gemeinsam Notzung vu Räim am Kader vun enger richteger Kooperatioun Schoul-Foyer.

Virbëldlech fanne mir et, wa Schoul a Foyer zesummen fir d' Elteren hier Dieren opmaachen an sech hinnen als eng Equipe präsentéieren, di zesummen am Intressi vum selwechte Kand schafft. Dat geschitt bspielsweis um Belair, an der Gaston Diderich an zu Hamm. Gasperech huet e gemeinsamt Bichelcheln fir d' Elteren gemeet, di dacks di Trennung an 2 Systemer net verstinn oder och einfach onnéideg komplizéiert fannen.

Also, et gëtt gutt Usätz, an den Outil vum PEP ass d' Basis, fir Schoul a Foyer méi no zesummen ze bréngen.

Mir proposéieren, eng Sammlung vun de Best Practices aus de PEPen ze maachen, di iwwert eng Plattform kommunizéiert kënne ginn. An dann sollten Mindeststandards, di fir all Schoulgebäi gëllen, festgeluecht ginn.

Et bleiwt wichteg, eng Evaluéierung vun de PEPen ze maachen an dobäi d'Verzahnung mat de Plans de développement de l'établissement scolaire ze kucken. Oder sidd Dir do anerer Meenung ? Mir géinge gäere wëssen: wat ass och ëmgesaat ginn, mat wat fir engem Erfolleg ? Wat gëtt weidergefouert, wat net ?

Ech wëllt och nach kuerz op **3 aner Rapportën agoen, dee vum Schoulsport, dee vum Technolink an deen vun den Educateurs/trice gradué.es** :

Di dräi Rapporten weisen ganz däitlech op de Mangel vu personelle Ressourcen hinn. Emmer manner brévetéiert Sportsenseignant.en an net genuch Sportsposten riskéieren effektiv, kontraproduktiv ze sinn mat deem, wat dann am Bericht vun der Médecine scolaire och erausgestallt gëtt : Bewegungsmangel an Iwwergewiicht.

Den Technolink verléiert 2 Persounen an domatten ass och de Risiko verbonnen, dat den Asatz vun neien Technologien an der Schoul an an de Foyers net optimal ka lafen.

Schliesslech bemängeln di graduéiert Educateuren, dat si duerch Postenreduzéierung a méi wéi engem Gebäi agesat ginn, an doduercher keng stabil Bezéiung mat de Kanner opgebaut ka ginn.

Wéi huet d'Gemeng wëlles, op dës Doléancen a Schwieregkeeten ze réagéieren ?

Da nach Froen zum **Capel**, wou jo restrukturéiert gouf an elo hoffentlech erëm gutt opgestallt ass.

D'Mataarbechter.innen vum Capel machen eng wichteg zousätzlech Offer fir d'Stater Schoulen. Di pädagogesch Projetën viséieren Themen, die gesellschaftlech wichteg sinn an awer an eeschter Linn den Handlungsspillraum vu Kanner am Bléck hunn. An dat mat vill Kreativitéit. D'Animatiounen, z.B. Spillfest oder Kanner in the City, solle no baussen strahlen an vill Leit erreechen – wat och geléngt. An d'Aktioun Bambësch (AB) bleiwt e ganz wichtege Bestanddeel fir an de Schoulvakanzen Kanner ze betreien. Dozou 2 Froen :

Wivill Personal, a Leit an an Stonnen schafft zur Zäit am Capel ? Ass dat genuch ?

Fir 2018 ginn et keng absolut Zuelen, wivill Kanner am Summer an der Aktioun Bambësch deelgeholl hunn. Firwat ?

36% vun de Kanner an der AB 2018 koumen net aus engem Foyer scolaire. Iwwer 3000 Kanner besichen awer de Foyer Scolaire, a wann d'Zuel wéi 2017 ass, da wieren vun den 883 Kanner an der AK nëmmen 2 Drëttel am FS ageschriwwen. Dat schengt mir net opzegoen. *Vläich kann ech dat erkläert kréien ?*

Classe de transition an EAP (équipe d'accompagnement psychologique):

Gëtt et bei de Classe de transition Informatiounen, wéi di Kanner, di do betreit ginn, sech herno weiderentwéckelen ? Integréieren si sech dono gutt an der normaler Schoul ?Ass d'Zuel vun de Plazen resp. vum Personal an beed Servicer ausreichend ? Hei si mir jo och erëm bei enger kommunaler Autonomie, déi mir notze sollten.

Fir d'EAP huet de Schëfferot eng Procédure validéiert, die d'Aarbecht vun dëser Equipe guidéiert. Ass et méiglech di Procédure dem Gemengerot zur Verfügung ze stellen ?

Unerkennung wellt ech och ausdrécken fir de Projet Centre Verdi, fir den Asatz vun der Médecine scolaire, fir d'Classe de transition, d'Initiativen vun der Elterenschoul (wou evtl. nach méi sollt genotzt ginn !)., an och dem Service foyers scolaires.

Ech kommen zum Schluss :

Schoulorganisatioun geet iwwer de schoulesche Beräich eraus. Mir mussen méi eng ganzheetlech Vu anhuelen, am Sënn vum Kand.

déi gréng fuerderen :

- Gemeng soll sech séier Kloerheet iwwert hieren Handlungsspillraum verschafen an dësen konsequent notzen. Dat soll eng wichtige Missioun sinn fir den Service de l'enseignement.
- En Bildungsleitbild fir d'Stater Schoul- resp. Bildungssystem soll entwéckelt a vum Gemengerot validéiert ginn.
- Zesummenaarbecht tëschent formaler a non-formaler Bildung an hiren Strukturen an Akteuren muss konsequent étabiéiert ginn. En Aktiounsplang soll dofir opgestallt ginn.
  D'Approche soll partizipativ sinn. Eng regelméisseg Evaluatioun dozou soll gemach, fier nach weideren Handlungspotential ze definéiren.
- Innovatioun an Entwécklung sollen an der Basis, an de Strukturen gefördert ginn, fir eis Schoulen fir Personal a fir Eltern méi attraktiv ze maachen. Den Service de l'enseignement soll do ee kloeren Optrach kréien.
- Kee Kand dierf vergiess ginn : Inklusioun, Appui/Hausaufgawenorganisatioun, Betreiungsplaz am FS mussen fir all Kand gewährleescht sinn. Mir bleiwen dovunner iwwerzeegt, dass dat mam Konzept Ganzdagsschoul géing geléngen.

Wa mir gréng d'Schoulorganisatioun dëst Joer matstëmmen, dann, well mir mengen, dass d'Majoritéit d'Noutwendegkeet erkannt huet, eis Fuerderungen an Iwwerleeungen, di mir d'lescht Joer hei kloer zum Ausdrock bruecht hunn, zeriös ze huelen. Et schengt eppes a Bewegung ze kommen, och wa nach eng Rëtsch zukënfteg Herausfuerderungen ze bewältegen bleiwen.

Di gréng Fraktioun wäert fir de nächste Gemengerot och nach eng Motioun virbereeden.

Merci fir Äer Opmierksamkeet.